



## Comitee FLERA 11/12/ 2013

Do: Yoo Ja L.; Manette O.; Romain R.; Lars M.; Jacques L.; Eugène B.; Claude W.,  
Entschëllegt: Fernand K. ., Gilbert S.

1) Leschten rapport ugehol (vum 13, 11)

2) Courrier: A) - Am Numm vun der UIAA schreiw t'een Här Pierre Humblet, vun Bréissel, mir hätten nach 211 Euros ze bezuelen (laut dem Lars wieren et der nach 800!?) Den CA décidéiert déi dann elo ze bezuelen an den Claude schreiw t'hinnen en Bréif fir déi aaner Joer eng Cotisatiounverminderung ze ereeche, well mer net wëllen einfach eraus aus der UIAA, awer eigentlech keen direkten intérêt hunn, an net wëllen esou héich Sommen weiderbezuelen, d'autant plus dat den GAL hier vignetten-Beitrag (fir 50% Reduktioun op den Almhütten ze kréien) direkt mat hinnen ofrechent - den Romain kuckt mam GAL op do eng Memberschaf bei enger nationaler Fédératioun, déi hiererseits member bei der UIAA ass, eng Virbedingung ass.

B) 1200 Euros un den COSL fir Casco Versecherong 2013, déi bis 2012 ëmmer zereckerstsatt gouf, elo awer net méi, misst elo bezuelt ginn; déi aaner Federatiounen regelen dat esou dat all Klub dës Rechnong selwer dréit, en fonctioun vun deenen Memberen déi se umellen; Op der nächster AG proposéieren mer dës guer net méi an Usproch ze huelen, respektiv, Klubb bezuelen fir déi memberen déi se umellen

3) Nationaltrainer: den Tom Dieschbourg huet een éischten Training an der Coque mat dem NK (Nationalkader) ofgehaalen; wéi schons am Novembercomitee ugehall, mecht hien eng Stonn coaching mat jeweils engem Athlet an 3 Stonnen Training à 30 Euros t'Stonn wouvun mir 70% vum Sportsministär rembourséiert kréien, den Lars scheckt déi Pobéieren elo fort. Yoo Ja an der Commissioun bearbeigt eng Proposition fir eng Jobdescription, wou festgehaal get wat den Trainer mecht (Coaching, Training, Individualtrainingsprogramm) wou en et mecht, wou en eventuell mat hingeet (Competitiounskalenner), wéi en bezuelt get. Eischt Plaatzen un de franséischen Regionalchampionnater fir Aurélie, Joe, Julian, Louis an aaner Podiumen..

Well den T.D. an der équipe vum Volker mat dran ass, huet hien elo déi Trainingszait ausgehandelt, wéi d'FLERA och gefroot hat, obschonns d'Coque viraussechtlech eréicht am Februar offiziell opmecht. Mir treffen aïs den 15 Januar 2014 um 16 Auer an der Coque (Eugène freet den Rz-vs) an hunn duerno eisen nächsten Comitee um 18.30

4) T'Commissioun huet nei Kritären ausgeschafft fir am NK 2014 ugehall ze ginn - nei ass top 20 am IFSC - Ranking oder WM/EM od. Coupe d'Europe Finale, oder 30 Punkten opgedeelt ob Podium National (10 Punkten) Nopeschlänner Nationalniveau (éischten Dröttel 10 Pkt) Regionalniveau (éischten Dröttel (3 Pkt) Déi Commissioun proposéiert e puer Méiglechkeeten (Arel-Puurs-thionville, Frankenthale, a.....) Dës Kritären goufen mat 4 Jo an 1 Enthaltung ugehall - an déi nämlecht Kritären géifen dann och fir den Bloc gëllen falls Interesse

5) Formatioun-Moniteur fir SAE (Structure Artificielle d'Escalade) ass ugelaaf, am nächsten Comitee ginn mer drop an

6) Nächsten Comité den 15.1.2014 18.30 Auer

Schéin Feierdeeg, Claude Weber, 17.12.2013